PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/03/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Konsumenteschutz weiderzeleeden.

D'Regierung huet am Koalitiounsaccord ugekënnegt d'Innovatioun an der Automobilitéit ze ënnerstëtzen andeems d'Technologien, déi fir d'Realisatioun vum autonome Fuere gebraucht ginn, reglementéiert solle ginn. Am Automobilsecteur ginn et aktuell schonn Autoen ze kafen, déi d'autonoomt Fueren op zweeter Stuff erméiglechen. Op eise Stroossen hu verschidden Autoen awer aktuell nach Problemer mam autonome Fueren, well eng schlecht Beschëlderung, onzureichend Stroossemarkéierungen oder d'Präsenz vu Chantieren de Bordinstrumenter Problemer bereeden. Dëst wërft Zweiwel op, ob de lëtzebuergesche Stroossereseau fir d'autonoomt Fueren zweeter Stuff bereet ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- 1) Ass den Här Minister Bausch der Meenung, dass d'Stroossemarkéierungen an d'Beschëlderung an hirer aktueller Form ugepasst sinn fir d'autonoomt Fueren zweeter Stuff ? Falls nee, wat gedenkt de Minister hei ze ënnerhuelen?
- 2) D'Spuerhalteassistenz vun autonom fuerenden Autoen op zweeter Stuff analyséiert virun allem d'Stroossemarkéierungslinnen op der Strooss. Op ville Stroossen feelen dës Markéierungen, wéi z.B. d'Mëttellinn, awer zum Deel. Gedenkt den Här Minister Bausch d'Stroossemarkéierungen zumindest op den Haaptstroossen ze zeechnen? Falls jo, op wéi enge Stroossen ass dëst virgesinn a bis wéini soll dëst gemaacht sinn?
- 3) Wéi eng Mesurë wäert d'Madamm Ministesch Lenert ënnerhuele fir d'Konsumenten op déi aktuell Défaillancen a Risikoe vun autonomen Autoen opmierksam ze maachen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député